PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 FEV. 2020
1859

Lëtzebuerg, den 12/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°971 hat ech d'Inneministesch iwwert d'verspéit Nobezuelunge beim CGDIS befrot. An hirer Äntwert schreift d'Ministesch :

> Fir déi Asätz, déi tëschent dem 1. Juli 2018 an dem 1. Juli 2019 gefuer gi sinn, huet de Verwaltungsrot vum CGDIS, den 27. Juni 2019, no der Analyse vun den disponibelen Donnéeën, der Direktioun den Optrag ginn, fir de Solde vum Budget "prorata" op d'Unzuel vun Asatz pro Member opzedeelen an auszebezuelen. [...] Uganks August krut d'Firma, déi fir de Programm fir d'Gestioun vun den Interventionen (LuxDoc) zoustänneg ass, den Optrag fir all d'Donnéeën déi néideg si fir d'Ausbezuele vun den Asatz aus dem LuxDoc ze zéien. No engem Contrôle vun den Zuelen, kënnen d'Indemnitéiten iwwerwise ginn, woubai och all déi Memberen eppes kréien, déi net u feste Garden oder Permanencen deelgeholl hunn, mee bei enger "Alerte générale" op den Asaz waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn, Stand haut, all deemools ausstoend Indemnitéiten ausbezuelt ginn? Falls net, wéi vill Suen, opgeschlësselt no Typ vun Indemnitéit si bis haut net un d'Pompjeeën ausbezuelt ginn an aus wéi engem Grond net?

2. Wéi vill Euro/Stonn hunn d'Benevole beim CGDIS zegutt,
   - déi Bereetschaftsdéngscht (Status 2) maachen?
   - déi Kasärendéngscht maachen?

3. Existéieren, nieft deem vun der Ministesch ugeschwaten interne Reglement, aner Dokumenter, an deenen d'Fräiwelleger vum CGDIS noliese kënnen, wat si als Indemnisatiounen zegutt hunn? Falls net, wär et fir d'Fërdere vun enger gudder interner Kommunikatioun tëschent der Direktioun an de Fräiwellege beim CGDIS net opportun, esou een Informatiounsblat opzestellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1859 du 12.02.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Indemnités des bénévoles du CGDIS

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 7 avril 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:54, 07/04/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1859 du 12 février 2020 de l'honorable Député Marc Goergen concernant les indemnités des bénévoles du CGDIS**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Boîte Postale 10 L-2010 Luxembourg FAX 221125

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d' parlamentaresch Fro n° 1859 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Indemnisatioun vu fräiwëllege Pompjeeën"**

**Fro 1.**

Op den 31. Mäerz 2020 si sämtlech Indemnitéiten, wéi de Verwaltungsrot vum CGDIS se am Règlement d'indemnisation festgehal huet a vum Regierungsrot approuvéiert goufen, un déi fräiwëlleg Fraen a Männer Pompjeeën iwwer d'Budgetsjoer 2019 ausbezuelt ginn.

D'Iwwerweisunge fir d'zweet Semester 2019 sinn den 30. Mäerz 2020 gebucht ginn.

**D'Indemnitéiten 2019 deelen sech folgendermoossen op:**

| | |
|---|---|
| Permanencen, Garden a managerial Funktiounen, esou wéi de Remboursement vun den Zousazversécherungen* | 8.134.796 € |
| Subsiden un d'Amicalen | 324.400 € |
| Fräiwëlleg Instrukteren | 580.215 € |
| Bedeelegung vun Fräiwëllegen u Formatiounen | 160.124 € |
| Remboursement vum Salaire fir déi extra fräi Deeg un d'Patronen aus dem Privatsektor (congé spécial) | 316.203 € |
| **Total** | **9.515.738 €** |

* De Remboursement vu 50% vun den Zousazversécherungen bezitt sech ëmmer op de Relevé vum Joer N-1, an dësem Fall op d' Periode vu Juli bis Dezember 2018.

**Fro 2.**

Fir eng Stonn "Permanence en astreinte", also vun doheem aus, kritt de Fräiwëllegen 1 €, fir eng Stonn "Permanence en garde casernée", also aus der Kasär aus, 10 €.

**Fro 3.**

Säit dem 16. Januar 2020 ass e neie Règlement d'indemnisation a Kraaft, dee nieft den opgeläschten Indemnitéiten an der Fro 2, eng Enveloppe fir d'Indemnisatioun vun zousätzlechen Aarbechten, ausserhalb vun de Garden a Permanencen, virgesäit.

De CGDIS huet fir d'Asazzenteren an d'Spezialgruppen en Dokument ausgeschafft, dat de Règlement d'indemnisation erkläert, an dat um Internetsite vum CGDIS (www.112.lu) fir jiddereen zougänglech ass.